



Administration communale  
de Reckange-sur-Mess

## Kandidat.innenopruff fir d'consultativ Gemengekommissiounen an déi gesetzlech virgesinne Kommissiounen

**Fir de Bierger.innen eng gréisstméiglech Bedeelegung um Ausschaffe** vu Projeten an un der Léi-sung vun eventuellen an der Gemeng bestoende Problemer kënnen ze erlaben, hunn d'Gemengebierger.innen d'Méiglechkeet hir Kandidatur ze stelle fir sech aktiv un deene Kommissiounen ze bedeelegen, déi net duerch spezifesch Dispositiounen reglementéiert sinn. An déi betraffe Kommissiounen kënnen jeeeweils **maximal 9 Leit (ausser Schoul- an Integratiounskommissioun)** gewielt ginn; dëst entspreichend der Reglementatioun. (wat d'Integratiounskommissioun ugeet sief drop higewisen, dass nieft den effektive Memberen och eng equivalent Unzuel u stellvertriedende Membere genannt gëtt). Des Prozedur baséiert op den Dispositiounen vum interne Reglement vum Reckenger Gemengerot.

Interesséiert Bierger.innen, déi hir Kandidatur stelle wëllen, musse folgend Konditiounen erfëllen:

1. mat Präferenz an der Gemeng wunnen an hei legitim ugemellt sinn;
2. groussjäreg sinn an net vun den Zivilrechter entbonne sinn;
3. dëse Formulaire ausfëllen (kann och online op [www.reckange.lu](http://www.reckange.lu) erofgelueden ginn);
4. de Formulaire entweder aschécken oder am Sekretariat vun der Reckenger Gemeng ofginn,  
**83, rue Jean-Pierre Hilger L-4980 Reckeng op der Mess bis spëtstens den 30. August 2023.**

All Bierger.in huet d'Méiglechkeet, seng Kandidatur fir maximal 2 Kommissiounen ze stellen. De Gemengerot décidéiert ob Kandidaturen ugeholl sinn oder net. D'Kandidat.inne gi schrëftlech iwwert d'Décisioun vum Gemengerot informéiert.

D'Membere vum Schäfferot erhoffe sech dass vill Bierger.inne vun dëser Opportunitéit profitéieren, déi hinnen d'Méiglechkeet gëtt un den Iwwerleeungen deelzehuelen an de consultative Kommissiounen vun der Gemeng. Interesséiert Bierger.inne kréien domat d'Geleeënheet aktiv an engem dynamesche Grupp matzeschaffe fir d'Interesse vun de Kommissiounen ze verbreedden an ze verdeedegen. Eng gutt funktionéierend Demokratie ass och ofhängeg vun enger aktiver Bierger.innebedeelegung um soziale Liewen.

Reckeng op der Mess, de 14. Juli 2023

De Schäfferot vun der Gemeng Reckeng op der Mess

Carlo MULLER  
Buergermeeschter

Christian TOLKSDORF  
Schäffen

Marc LUDWIG  
Schäffen

Administration Communale  
de Reckange-sur-Mess  
83, rue Jean-Pierre Hilger  
L-4980 Reckange-sur-Mess

Tél 37 00 24-1 Fax 37 00 24-44

[www.reckange.lu](http://www.reckange.lu)

(Kandidatur op der Récksäit)



Administration communale  
de Reckange-sur-Mess

# Kandidature fir d'consultativ Kommissiounen an déi légal Kommissioun\* vum Reckenger Gemengerot

(zeréckzeschécken oder am Sekretariat ofzegi bis spéitstens den 30. August 2023)

1. Numm a Virnumm : \_\_\_\_\_

Gebuerdsdatum : \_\_\_\_\_

Adress : \_\_\_\_\_

Telefonsnummer : \_\_\_\_\_

2. Ech wëll meng Kandidatur fir déi folgend Kommissioun(e) stellen:  
(w.e.g. net méi wéi 2 Haisercher ukräizen)

- Landwirtschafts- a ländlech Entwécklungskommissioun (9 Plazen)
- Bautekommissioun (9 Plazen)
- Verkéierskommissioun (9 Plazen)
- Kulturcomité (9 Plazen)
- Ëmweltkommissioun (9 Plazen)
- Kommissioun fir d'Geschicht an d'Erhale vum kulturelle Gemengepatrimoine (9 Plazen)
- Jugendkommissioun (9 Plazen)
- Sportskommissioun (9 Plazen)
- Drëttalterskommissioun (9 Plazen)
- Integratiounskommissioun\* (6 Plaze fir effektiv Memberen a 6 Plaze fir stellvertriedend Memberen; dës Memberen **MUSSEN** an der Gemeng wunnen);
- Schoullkommissioun\* (Minimum 4 Plazen; dës Memberen **MUSSEN** an der Gemeng wunnen)

3. Perséinlech Informatiounen zu de Beweggrënn Är Kandidatur ze stellen  
(z.B. berufflech Erfahrung a Qualifikatiounen, o.Ä.) (fakultativ Informatiounen):

\_\_\_\_\_  
\_\_\_\_\_

4. Wéi eng Problematike wéilt Dir, dass eventuell sollte behandelt gi bei der Ausübung  
vun der Aarbecht vun der Kommissioun fir déi Dir Är Kandidatur stellt ? (fakultativ Äntwert)

\_\_\_\_\_  
\_\_\_\_\_

5. Ënnerschrëft:

Den/déi Ënnerzeechnend(en) \_\_\_\_\_ seet aus, dass déi  
hei mentionéiert Informatiounen korrekt sinn an der Wouerecht entsprechen.

\_\_\_\_\_, den \_\_\_\_\_ 2023

(Ënnerschrëft)

D'Gemeng Reckeng op der Mess engagéiert sech fir Är Rechter a Saachen Dateschutz ze respektéieren am Aklang mat der Legislatioun, déi a Kraaft ass betreffend d'Traitement vu perséinlechen Donnéeën. Dës Donnéeë ginn exklusiv stockéiert fir d'Beaarbechtung vun Ärer Demande a fir mat Iech a Kontakt ze trieden. Wann d'Beaarbechtung vun Ärer Demande ofgeschloss ass ginn Är Donnéeë geläscht, falls Dir dëst esou ufrot an déi légal Konservéierungsdélais d'Lasche vun Ären Donnéeën net verbidden.

Administration Communale  
de Reckange-sur-Mess  
83, rue Jean-Pierre Hilger  
L-4980 Reckange-sur-Mess

Tél 37 00 24-1 Fax 37 00 24-44

[www.reckange.lu](http://www.reckange.lu)